



Groupe parlementaire

N°7554
Entrée le 06.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 06.02.2023

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 6. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an un den Här Mëttelstandsminister weiderzeleeden.

Esou wéi et mir zougedroe gouf, ginn d'Maartleit an hirer Aarbecht säit Jore mat engem méi héije Sécherheitsrisiko konfrontéiert, deen sech esou wuel negativ op hir eegen Aarbecht, wéi och op d'Liewensqualitéit vun hire Clienten auswierkt. Tendenziell schéngt déi Situatioun ëmmer méi schlëmm ze ginn. Op ville Plazen am Land ginn d'Maartleit vun organiséierten Heeschebande belästegt, vun deene Verschiddener och mol einfach Saachen op de Stänn klauen, an d'Clientë ginn ëmmer méi dacks Affer vu Belästegungen a verbalen Iwwergrëffer, wat roueg Kommissiounen um Maart ganz schwiereg mécht.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi reagéiert d'Regierung op dës Sécherheitsmängel op eise Mäert? Ass virgesinn, d'Policepresenz op de Mäert ze verstärken? Wéi eng legal Méiglechkeeten huet d'Police fir géint esou Mësstänn op eise Mäert virzegoen?
- 2) Kéint d'Regierung sech virstellen, e Sécherheitsperimeter ëm d'Mäert ze zéien, wou d'Heescherei verbueden ass, fir dësen Aktivitéiten en Enn ze maachen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten